



bleiwen a wien net däerf bleiwen. An dofir kann ech lech déi Definitiouen leider net ginn.

Ech wollt awer och nach der Madamm Mergen antworten: Ganz gären, ech wäert dann an Zukunft méi fréi kommen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. An da géife mer zum Vott iwwergoe vum Projet de loi 6775.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6775 et dispense du second vote constitutionnel

An de Vott fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet 6775 ass mat 32 Jo-Stëmmen, 3 Nee-Stëmmen, bei 25 Enthaltungen ugehall.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Martine Mergen), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dat ass dann esou décidéiert.

Da komme mer zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut, dat ass de Projet de loi 6904, eng Ofännerung vum Code du Travail. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Georges Engel.

6. 6904 - Projet de loi portant modification:

1. du Code du Travail;

2. de la loi modifiée du 17 février 2009 portant: 1. modification de l'article L.511-12 du Code du Travail; 2. dérogation pour l'année 2009, aux dispositions des articles L.511-5, L.511-7 et L.511-12 du Code du Travail;

3. de la loi modifiée du 3 août 2010 1) portant introduction de diverses mesures temporaires visant à promouvoir l'emploi et à adapter les modalités d'indemnisation de chômage et complétant ou dérogeant à certaines dispositions du Code du Travail; 2) modifiant les articles L.513-3, L.521-7 et L.523-1 du Code du Travail; 3) modifiant la loi modifiée du 17 février 2009 portant: 1. modification de l'article L.511-12 du Code du Travail; 2. dérogation, pour l'année 2009, aux dispositions des articles L.511-5, L.511-7 et L.511-12 du Code du Travail

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

► **M. Georges Engel (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 6904 ännert verschidden Dispositiounen vum Code du Travail, grad wéi eng Partie Gesetzter, déi hirersäits de Code du Travail dann och ofänneren.

Méi prezis geet et ëm véier Punkten: D'Verlängerung ëm ee Joer vun den Dispositiounen iwwert d'Période de référence an de Plan d'organisation du travail, den „POT“ genannt, d'Aféierung, zweetens, vun neie Beschäftigungsmesurë fir Aarbechtsloser iwwer 45 Joer, oder ab 45 Joer, besser gesot, dann drëtten d'Ofschaffung vu verschiddenen temporäre Mesuren am Beräich vun Chômage partiel de source conjoncturelle...

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Entschëllegt, Här Rapporteur, ech géif d'Kolleege bidden, déi wëllen erausgoen, dat dann elo ze maachen. An déi aner Kolleegeen, do lauschtere mer zesummen dem Rapporteur no. Villmools Merci.

► **M. Georges Engel (LSAP).**- ...a véiertens d'Verlängerung ëm zwee Joer vu verschiddene Mesuren am Beräich vun de Chômage-Indemnitéiten.

D'Referenzperiod vu véier Woche respektiv engem Mount an de POT goufe mam Gesetz vum 12. Februar 1999, dem Gesetz iwwert de Plan d'action national en faveur de l'emploi, dem PAN-Gesetz, agefouert an duerno an de Code du Travail integréiert. D'Mesurë waren uganks bis Enn 2003 limitéiert a goufen zanterhier ëmmer erëm verlängert, iwwert déi eenzel Regierungen ewech.

Esou wéi et am Accord vum 14. Januar 2015 tëschent der Regierung an der UEL festgehale gi war, goufen dës Mesuren a verschiddene Reunione vum Comité permanent du travail et de l'emploi diskutéiert. An dobäi huet sech dunn erausgestallt, dass d'Sozialpartner onze-fridde si mat den aktuelle Regelungen. Trotz weideren Diskussiounen, ënner anerem opgrond vu Propositione vum Aarbechtsministère, konnte si kee Konsens iwwer eng Reform vun den Dispositiounen iwwert d'Referenzperiod an de Plan d'organisation du travail fanen.

Déi entspriechend Bestëmmunge ginn also nach eemol ëm ee Joer verlängert, fir de Sozialpartner Zäit ze loosse, sech ze eenegen op eng gemeinsam Léisung, déi souwuel den Entrepreneuren et géif erlaben, fir hir Aktivitéiten am Sënn vun enger besserer Produktivitéit ze plangen an ze organiséieren, an de Salarieë géif hëllefen, d'Familljen- an d'Berufsliewe besser ënner een Hutt ze kréien.

Deen zweete Volet vum Gesetz, deen dréint sech ëm zwou nei Beschäftigungsmesuren, déi sech geziilt u méi vulnerabel Chômeuren adresséieren, déi bis ewell net wierklech vun de besteende Mesurë profitéiere konnten, dat heescht Chômeuren iwwer 45 Joer a Chômeure mat enger Capacité de travail réduite, dat heescht déi, déi reklasséiert sinn, oder déi drëtt Kategorie vu Leit, Leit mat engem Statut vum Salarie handicapé.

De leschten Zuelen no waren dat 7.174 Persounen iwwer 45, déi bei der ADEM ageschriwwen sinn, dovunner 2.790 indemniséiert Chômeuren. Derbäi koumen dann nach eng Kéier 5.006 Persounen, déi reklasséiert sinn, 467 dovun och zousätzlech mam Statut vum Salarie handicapé, an dann nach 1.373 Salarie handicapés, déi net de Statut vum Salarie reclassé hunn. Dir gesitt, et ass eng grouss Zuel vu Leit!

Déi nei Mesurë sinn engersäits e kuerze Stage de professionnalisation vu sechs, maximal néng Wochen an anerersäits ee méi laange Contrat de réinsertion-emploi vun zwielef Méint. Deen Éischten ass net rémunéréiert, mä e gëtt d'Recht op eng Indemnitéit vun 323 Euro.

An et gëtt Moossnamen, fir de Patron duerno ze encouragéieren, fir de Chômeur um Enn vum Stage anzestellen, nämlech, dass him während engem Joer 50% vum soziale Mindestloun rembourséiert ginn, wann de Chômeur direkt en onbefristete Kontrakt kritt.

Déi méi laang Mesure, also de Contrat de réinsertion-emploi gesäit vir, dass de Chômeur am Betrib en Tuteur kritt, dee sech ëm e këmmert, an dass e Plan de formation ausgeschafft gëtt. Bei dësem Stage huet de Chômeur och Recht op déi Indemnitéit vun 323 Euro, zousätzlech dat dann zu senger Indemnité de chômage, senger Indemnité d'attente, der Indemnité professionnelle d'attente oder dem Revenu pour personnes gravement handicapées, natierlech alleguer net cumulatif, mä eenzel.

Wann de Chômeur keng Indemnitéit virbrun hat, dann huet hien d'Recht op eng Indemnitéit an Héicht vun soziale Mindestloun. An alle Fäll rembourséiert de Patron 50% vum soziale Mindestloun un de Fonds pour l'Emploi.

Dës Beschäftigungsmesuren ersetzen dee méi generelle Stage de réinsertion professionnelle, dee sech bis ewell un alleguer d'Chômeuren iwwer 30 Joer adresséiert huet. Hei ass also eng Begrenzung vun ab 45. Engersäits gouf awer festgestallt, dass grad déi méi schwach Kategorie vu Chômeure weineg vun där Mesure profitéiert hunn, an anerersäits, dass weineg vun deene Leit, déi an där Mesure waren, nämlech nëmme 26%, duerno och vun där Entreprise agestallt goufen.

Et gouf kritiséiert, dass et an Zukunft keng Mesure méi gëtt fir d'Reinsertioun vun den 30- bis 44-Järege. Effektiv ass dat de Fall. Mä d'Zil ass jo och, fir Mesuren ze schafen, déi méi geziilt fir Demandeurs d'emploi geduecht sinn,

déi méi schwéier an den Aarbechtsmaart ze integréieren sinn. Alles a jiddereen ze férdere, bréngt net vill. Wann Der jidderee férdert, da férdert Der u sech, da subventionéiert Der keen!

Fir déi 30- bis 44-Järeg bleiwe jo dann awer och nach déi ganz Méiglechkeete vum Suivi vun der ADEM - d'Aide à la mobilité, à la création d'entreprise, d'Aide chômeurs longue durée -, allegueren déi Mesuren, déi et bei der ADEM nach gëtt, an natierlech och déi ganz Offer am Beräich vun der Formation, déi all Mënsch bei der ADEM jo och ugebuede kritt. Domadder, a well si jo awer iwwer hir ganz Aarbechtskapacitéit verfüegen, misst et fir si u sech méi einfach méiglech sinn, nees eng Plaz ze fannen, wéi fir déi Kategorie vu Chômeuren, un déi sech déi nei Mesuren hei adresséieren.

Déi zwou nei Mesurë riichte sech just un déi Patronen, déi och eng reell Perspektiv kënnen bidden, fir d'Chômeuren duerno anzestellen. Och hei gouf kritiséiert, et wär kaum méiglech fir d'ADEM, dat richtig anzeschätzen. Dat ass alleréngs eppes, wat et elo scho gëtt, wat elo och scho gemaach gëtt. An an deem Sënn ass dat also näischt Neies, et ass also keng nei Appréciatioun méi. Dat heite gëtt et och elo schonn!

Et gouf och de Choix gemaach, fir net am Gesetz d'Zuel vu Mesurë pro Demandeur d'emploi oder Patron ze limitéieren. D'ADEM mécht e Suivi, fir eventuell Abusen ze évitéieren, an et ass besser, dass ee sech do déi Flexibilitéit au cas par cas gëtt.

Et gouf virun allem vun der Chambre des Salarieë kritiséiert, dass verschidden Dispositiounen iwwert d'Begleedung an den Encadrement vum Demandeur d'emploi, déi beim Contrat d'initiation à l'emploi, beim CIE virgesi sinn, hei an dësem Text net iwwerholl goufen. Déi sollen, an dat hu mer an der Kommissioun och bestätegt kritt, dann awer am Géigenzuch an der neier Konventioun tëschent der ADEM an dem Promoteur festgeschriwwen ginn. Iwwergens kritt een iwwert déi zwou Mesuren och eng Priorité d'embauche an hir Dauer gëtt bei der Proufzäit dann och ofgehalen. Also eng gutt Mesure fir d'Leit, wa se dann och herno kënnen do weiderschaffen.

En drëtten Volet vum Projet de loi dréint sech ëm de Chômage partiel de source conjoncturelle, wou no enger Evaluatioun vum Comité de conjoncture festgehale gouf, dass deen amgaangen ass erofzegoen. Deemno wäert déi Mesure net weider verlängert ginn. Domadder gëllt an Zukunft nees den Droit commun, dat heescht, dass de Fonds pour l'Emploi vun der 17. Stonn un intervenéiert, an dat fir 50% vun der normaler Aarbechtszäit iwwer eng Period vu sechs Méint gekuckt.

Schlussendlech ginn nach eng Partie Mesuren am Beräich vun de Chômage-Indemnitéiten ëm zwee Joer verlängert, ënner anerem wat d'Aussetze vun den degressive Plaffongen ugeet. Effektiv weisen déi lescht Chômagezuelen, dass sech eng éischer positiv Entwécklung ofzecheet, glécklecherweis! Verschidde Kategorie vun Demandeurs d'emploi hunn et awer weider schwéier, fir nees um Aarbechtsmaart Fouss ze faassen, esou dass et sënnvoll ass, déi Mesuren do nach eng Kéier ze verlängere.

Dat wär et gewiescht, Kolleginnen a Kollegen. Ech ginn heimadder den Accord vun der sozialistescher Fraktioun an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet direkt den éischten ageschriwwene Riedner, den Här Marc Spautz.

Discussion générale

► **M. Marc Spautz (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt e grouss Merci un de Georges Engel fir säi Rapport, deen hien elo gemaach huet. Et ass e Projet de loi, dee mer haut diskutéieren, wou vill Saache mateneen dra sinn. De Georges Engel huet déi véier Saachen, déi an dësem Projet de loi behandelt ginn, zesumme presentéiert.

Et dierf een an deem Ganzen net vergiessen, dass och nach en anere Projet de loi um Dësch läit, an dat ass dee vun de Mesures des âges (veuillez lire: Mesures en matière de politique d'âges). An et ass do, wou ee vun de Punkten ass - a weder de Minister nach d'Kolleegeen aus der Kommissioun sinn elo iwwerrascht, wann ech dat soen, well ech hunn et och schonn an der Kommissioun gesot -, wou mer eis d'Fro stellen, firwat mer dat op esou vill Packagé verdeelen. Firwat brénge mer et net fäerdeg, e koordinéierten Text erauszebréngen, wou all déi Mesuren dra sinn, déi solle gemaach gi fir déi Leit vu 45 respektiv 50 Joer plus a vun deenen aneren?

Mäi Kolleeg, den Aly Kaes, hat an der Kommissiounssitzung, wéi mer de Programme des âges

diskutéiert hunn, gesot, et wier vläicht besser, et géif een déi zwee Projekte fusionéieren respektiv deen een zréckzéien, fir da kënnen méi eng kloer Linn an deene Projeten erëmfannen.

Ee vun den Hauptpunkten, firwat mer dat jo haut musse stëmmen, geet zréck op d'Tripartite vun 1997. Et ass d'Tripartite vun 1997 - oder 1996, pardon -, déi de PAN festgehale huet, déi de POT festgehale huet. Do sinn och nach deemools aner Saache festgehale ginn, ënner anerem och de Congé parental ass eng Décisioun, déi deemools 1996 mat an där Tripartite geholl ginn ass.

Deemools ass gesot ginn, wat de PAN a wat de POT ubelaangt, déi dierfte maximal op eng Durée komme vu fënnf Joer. Dofir ass och am éischte Gesetz, wat gestëmmt ginn ass 1998, festgehale ginn, dass déi Mesurë vum Plan d'action national respektiv vum Plan d'organisation du travail, nëmme dierfte lafe bis 2003 an no 2003 misst et domadder eriwwer sinn.

An deemools huet de Statsrot scho geschriwwen, dass et schonn - ech mengen, den Här Schmit wat déizäit Member vum Statsrot, ech sinn awer do elo net méi sécher, wann ech elo zréckrechnen -, en hat deemools geschriwwen, dass et scho komesch wier, dass mer en Délai géifen draschreiven, wéini ee Gesetz géif auslafen. En hat do eng Remarque derbäi gemaach, keng Opposition formelle, mä dass dat awer dach e bëssen iwwerraschend wier.

Do ass och 2003, an do war jo dann nach ëmmer e Kapitän an deem Ministère - well mer jo haut wëssen, wéi dat ëmmer ass: Alles, wat d'CSV gemaach huet, war schlecht, alles, wat déi aner gemaach hunn, war gutt -, 2003 war et jo dann nach en CSV-Minister, dee proposéiert huet, de Projet ze verlängere, deen duerno dann och nach eng Kéier ëm fënnf Joer verlängert ginn ass. An duerno hu mer nach eng Kéier eng Verlängerung gemaach, an dat ass déi, déi haut a 14 Deeg ofleeft, an domadder wier et eriwwer mam Gesetz vum PAN a mam Gesetz vum POT.

Mir hunn et also net fäerdegbruecht zanter 1996, iwwerspëtzt formuléiert, en Arrangement ze fannen zwëschen de Sozialpartner, wat d'Flexibilitéit vun den Aarbechtszäiten ubelaangt respektiv wat de Plan d'organisation du travail ubelaangt, dat heescht d'Referenzperiod.

Déi Fro, déi ech mer just stellen, ass: Wa mer et jo vun 1996 un net fäerdegbruecht hunn am Sozialdialog, an ech liesen am Gesetz, an d'Erklärungen, déi de Minister eis ginn hat, dat wier elo alles fäerdeg bis den 31. März 2016, esou steet et nämlech an den Erklärungen mat dran, dass bis dohinner d'Méiglechkeete fonnt wieren an dass een dofir dee Projet nees bräicht ëm e Joer ze verlängere an da wieren duerno all Problemer geléist... Also ech war do e bëssen erstaunt, well ech mech kann erënnere, dass, wéi mer heibanne virun der Summer-vakanz e Projet gestëmmt hunn, deen do geheescht huet „iwwert d'Matbestëmmung“, do hunn ech erkläert kritt vu verschiddene Regierungsmemberen - ech wëll dat ënnersträichen, net nëmme vum Aarbechtsminister -, dass de Sozialdialog esou gutt géif funktionéieren wéi nach ni virbrun an dass een do all d'Arrangementer géif fannen.

Dat hat mech deemools schonn e bësse gewonnert, well jo zwee verschidden Arrangementer do sinn. Et ass den Arrangement vum 28. November 2014 vun der CGFP, OGB-L, LCGB mat der Regierung. Deen huet ënnerschiddlech Positiounen, deen huet ënnerschiddlech Kapitelen, e Kapitel iwwer Familljepolitik, e Kapitel iwwer Politique de l'emploi, iwwer Réemploi, iwwert d'Prétraite-solidarité, en huet der an dem Domän vun der Fiskalitéit, en huet der an dem Domän vun der Sécurité sociale.

Deen Accord ass ënnerschriwwen ginn, wësse mer, an haut ass nach eng Reklamatioun bäikomm, wou reklaméiert ginn ass säitens de Gewerkschaften, dass et dach komesch wier, dass dat en Accord wier, dee mat der Regierung ënnerschriwwen gi wier, an dass elo Projet-de-loien ënnerwee wieren, wou deem, wat an deem Accord steet, net Rechnung gedroe gëtt. Dat ass elo net am Travail an dësem Fall, dat ass dës Kéier am Fall vun der Famille, wou festgehale gi war, dass d'Primmen an d'Kannergeld géifen ugepasst ginn. Esou eppes steet iwwerhaupt net am Projet de loi mat dran! An dat ass och eng vun de Kriticken, déi elo vun de Gewerkschaften ubruecht ginn.

An haut de Mëtten hu mer héieren, dass souwuel d'Gewerkschaften sech berufen op hiren Accord vum November 2014, wéi och d'Patrone sech berufen op hiren Accord vum



Februar 2015. Si soen, si wieren iwwerrascht, dass d'Regierung haut de Moien oder gëschter e Projet ugeholl huet, deem nach eng Kéier sollt am Comité permanent du travail et de l'emploi diskutéiert ginn, an dat wier net méi geschitt an dee wier elo um Instanzewee. Da kann ech just soen, da kann ech just do mäin Erstaunen zum Ausdröck bréngen!

A firwat soen ech dat? Ma, am Comité permanent du travail et de l'emploi war och ofgemaach ginn am Accord vun 2014, dass d'Regierung sech géif engagéieren, all Mesuren, déi géife gemaach ginn, eng Kéier ze analyséieren, alles dat, wat déi eeler Chômeuren ubelaangt, d'Zuelen, d'Kategorien an d'Alteren, an dat géif detailléiert am Comité permanent du travail et de l'emploi diskutéiert ginn an alles dat léich bis de September 2015 um Dësch.

Well jo alles sollt bis 2015 fäerdeg sinn, bis de September, hunn ech elo e bësse Schwierigkeiten ze verstoen, firwat mer elo nach eng Kéier ee Joer verlängeren a soen: „Mir hunn et am Mäerz fäerdeg.“ Entweder hu mer et fäerdeg, an da solle mer dat konkret soen an da läit vläicht eng Iddi vir, déi de Minister huet, wou de Minister seet: „Ech wëll am PAN an am POT an déi dote Richtung goen“, an d'Regierung seet, wat hir Iddi sinn! An elo liesen ech awer iwwerall: Neen, d'Regierung waart of, ob d'Sozialpartner sech eens ginn.

Also, ech war selwer laang Joren an der Tripartite derbäi op Gewerkschaftssäit. Do ass et: Net ëmmer hu mer e Package global fonnt. An ech sinn där Meinung, dass dann d'Politik muss tranchéieren an dass et dofir dann awer och misst méiglech sinn, dass d'Regierung géif soen, wat si wëllt maachen! Net ëmmer nëmme soen: Wat maachen d'Gewerkschaften? Wat wëllen d'Gewerkschaften a wat wëllen d'Patronen?

Ech liesen an der Zeitung - ech weess net, ob dat och am Comité permanent du travail et de l'emploi esou diskutéiert gëtt: Déi eng wëlle sechs Woche Congé, déi aner wëllen eng Flexibilität vu véier Méint; wat jo alles méiglech ass.

Ass dat richteg oder net? Ech kann lech et net soen, ech sinn net an deene Verhandlungen derbäi. Mä dat sinn awer déi Froen, déi ech mer stellen, wann ech hei liesen am Exposé des motifs, wiwillmol sech do op de Comité permanent du travail et de l'emploi baséiert gëtt respektiv wiwillmol och do diskutéiert ginn ass iwwert déi Accorden, sief et dee mat de Gewerkschaften, sief et dee mat de Patronen.

Här Engel, ech sinn honnertprozenteg mat lech d'accord: Dat Besch, dat wier, wa se sech eens géife ginn! Mä wa se sech net eens ginn, da muss een à un moment donné awer och kënnen als Regierung soen: Dat do ass dat, wat mir wëllen, an dat do sinn déi Pisten, déi mir eis kënnen virstellen.

Dat ass de Problem, deem ech hunn, also dee mir hu bei der Verlängerung vum POT a vum PAN.

Dann hu mer geschwat iwwer dräi aner Mesuren, déi nach do mat dra sinn. Et ass eng, déi vum Chômage partiel, bei där schéngt et jo opgrond vun de Rapporte vum Konjunkturcomité esou ze sinn, dass déi net méi brauch verlängert ze ginn. Dat ass eng Mesure, déi mer kéinte matdroen. Mä et sinn awer och nach aner Mesurë mat dran, wou mer erëm Problemer hunn a wou mer erëm de Bauch wéi hunn.

(Interruption)

An de Punkt, ech hat et scho gesot beim éischte Punkt, och de Statsrot - wëll ech just bemerken - fënn et och komesch, dass mer elo erëm eng Kéier verlängeren a verlängeren. A sengem Avis schreift en dat och an e weist och dorop hin. En opposéiert sech net, mä e weist awer drop hin, dass et komesch ass, dass een e Gesetz ëmmer erëm verlängert.

Mä bei deenen anere Projekte stellen ech mer d'Fro, firwat mer net do déi Projekte fusionéiert hunn, dee mat den Äges an dee mat deenen neie Mesuren, déi elo virleien. Firwat hu mer dat net zesummegehaach?

Ech stelle mer d'Fro beim Artikel 524, firwat mer do de Problem net léise mam Congé parental. De Minister Schmit war de Moien net hei. Et ass awer elo kee Virworf, dass en net hei war, mä do hunn ech schonn driwwer geschwat: Dat ass dat, wou alleguerten déi Leit - an de Minister kennt de Problem och, well ech en och schonn eng Kéier an der Kommissioun gesot hat -, wou déi Leit, nodeem d'Allocation d'éducation ofgeschaaft ginn ass, an déi an enger Mesure waren, déi vum Arbeitsamt gemaach ginn ass, dass déi Leit doduerch keen

Urecht haten op Congé parental, well se näamlech net sozialversichert waren no de Bestëmmunge vum Code de la sécurité sociale. Do hunn näamlech de Code du Travail an de Code de la sécurité sociale sech opposéiert. An dofir hat ech gehofft, dass do d'Méiglechkeet géif bestoen, dass dee Problem an deem Projet géif beäntwert ginn. Den Här Schneider wollt mer de Moien äntwerten, mä en hat d'Wuert net méi kritt. Dofir kann den Här Schmit vläicht herno och e Wuert dozou soen.

Dann eng lescht Remarque, déi ech awer och hunn, dat ass, dass ech der Meinung sinn, dass mer och e Problem hu mat der Hiérarchie des normes. Ech erkläre mech: dass mer eng Kéier an der Hiérarchie des normes schwätze vum engem Gesetz, an duerno schwätze mer vum engem Règlement grand-ducal. An ech weess och, dass de Statsrot näischt doriwwer geschriwwen huet. Mä ech mengen, dass den Artikel 524-1 am Konträr ass, well do bezitt et sech näamlech drop, wat de Règlement grand-ducal näamlech géif definéieren opgrond vun engem „emploi approprié“. An ech sinn nach ëmmer där Meinung, dass d'Gesetz muss décidéieren, an et kann net herno de Règlement grand-ducal sinn, dee seet, wat en Emploi approprié ass, mä dat misst am Gesetz stoen.

Dat ass eng Fro, déi ech mer stellen. Ech muss lech éierlechkeetshalber soen: Ech sinn net Jurist. Mä dat ass dat, wéi mer de Projet elo nach eng Kéier am Detail...

(Interruption par M. Nicolas Schmit)

Maja, ech hu jo elo net gesot... Dat war keng Kritik, Här Schmit, dat war eng Fro: ob et do net an der Hiérarchie des normes d'Gesetz misst sinn, wat dat definéiert, an net de Règlement grand-ducal.

Duerch all déi Remarquen, déi ech elo gemaach hunn, dass verschidde gutt Saachen an deem Projet sinn a verschidde manner gutt Saachen an deem Projet sinn, wäerte mir als CSV de Projet net matstëmmen, opgrond vun all deenen Erklärungen, déi ech virun allem beim Volet 1, bei der weiderer Verlängerung a Verlängerung a Verlängerung, ginn hunn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Spautz. An d'Wuert huet dann elo direkt d'Madamm Joëlle Elvinger.

► **Mme Joëlle Elvinger (DP).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech soen dem Rapporteur Merci fir säi gudden schréfflechen a mëndleche Rapport. Et ass vun enger immenser Wichtigkeet, dass dësse Projet de loi nach virun Enn des Joers gestëmmt gëtt, well d'Dispositionen iwwert d'Période de référence an de POT am Code du Travail den 31. Dezember dëst Joer auslafen an elo nach eng Kéier em ee Joer verlängert ginn. Dat ass absolut noutwendeg, well eng ganz Partie Betriber net nëmme vun der Flexibilität, déi si duerch dës Mesure gewannen, profitéieren, mä vun hir ofhängeg sinn.

Vill méi wichteg wéi d'Verlängerung em zwielef Méint wäerten awer d'Verhandlung mat de Sozialpartner iwwer eng definitiv Reform vun der Période de référence an dem POT ginn. Déi betraffe Betriber brauche Planungssécherheet a mussen wëssen, wéi et virugeet. Eng Strategie fir déi nächst Jore gëtt ëmmerhin net vun haut op muer decidéiert, mä muss gutt iwwerleucht sinn an op Fakte baséieren, Fakten, déi d'Politik elo schaffe muss.

D'DP ass en absolute Verfechter vum Sozialdialog, an dat hu mir an de leschte Méint och bewisen. D'Regierung huet net nëmmen ugekënnegt, de Sozialdialog zu Lëtzebuerg erëm nei ze beliewen, mä huet dat och ëmgesat. Dat soll am Joer 2016 virugefouert ginn, fir dass séier zesumme mat de Sozialpartner eng Eenegung iwwert d'Aarbechtsopdeeling ka fonnt ginn. Ech soen awer och ganz kloer, dass am Zweifelsfall d'Regierung an d'Chamber als demokratesch legitiméiert Instanzen hir politesch Verantwortung müssen iwwerhuelen an decidéieren, a wat fir eng Direktioun mir steieren.

D'DP begréisst dann och, dass probéiert gëtt, méi cibléiert de Chômage am Alter ze bekämpfen. Hei gëtt e Stage de professionnalisation iwwer sechs Wochen an e Contrat de réinsertion-emploi iwwer zwielef Méint fir Chômeuren iwwer 45 Joer kreéiert. Dës Initiativ ass gutt a wichteg, an d'Praxis wäert eis hoffentlich weisen, dass esou de betraffene Leit méi effikass ka gehollef ginn.

Ech wëll awer op dës Plaz ausdrécklech dovorn warnen, de Chômage bei den iwwer 30-Järegen ze ënnerschätzen. Hei gëtt de Stage de réinsertion professionnelle jo ofgeschaaft, well en net cibléiert genuch war an net dat Resultat virzeweisen hat, wat sech vun him versprach gouf. Dat kënnen mir och novollzéien an droen dat och esou mat. Mir müssen eis awer Ge-

danke maachen, wéi mer jonk Chômeuren iwwer 30 Joer kënnen opfänken an hinne konkret Hëllef ubidden, fir dass si net déi Chômeure ginn, déi mat 45 Joer nach ëmmer keng durabel Aarbechtsplaz fonnt hunn.

Et geréit ee méi séier an den Däiwelskrees vum der Aarbechtslosigkeit eran, wéi dat heiansdo gemengt gëtt. Ech schwätzen hei vu Leit, déi vläicht e laange Studium ugefaangen, awer net fäerdeg gemaach hunn oder esou eppes Spezifisches studéiert hunn an et schweier kréien, direkt eng Aarbechtsplaz ze fannen.

Ofschléissend freet et mech dann natierlech, dass et eiser Konjunktur erëm esou gutt geet, dass mir d'Dispositionen iwwert de Chômage partiel net méi verlängere müssen. Och d'Chômagezuele gi lues awer sécher erëm an eng Richtung, déi eis hoffe léisst op d'Zukunft. Natierlech bleiwen nach vill Efforten ze maachen, well mir sinn eis eens: All eenzelne Chômeur ass ee Chômeur ze vill!

D'Demokratesch Partei huet kee Problem, dësse Projet de loi ze stëmmen. Mir erwaarden eis alldéngs, dass an den nächste Méint Neel mat Käpp gemaach ginn, a mir freeën eis elo schonn op de Projet de loi iwwert d'Reform vum POT a vun der Période de référence.

Ech wëll awer och vun dëser Plaz aus am Numm vun all menge liberale Kolleegen aus der Aarbechtskommissioun dem Kolleeg Aly Kaes alles Guts wënschen an eng gutt Besse- rung, fir dass e gläich nees bei eis ass.

Dëst gesot, ginn ech dann den Accord vun der liberaler Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madamm Elvinger. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Gérard Anzia, deem och scho prett ass.

► **M. Gérard Anzia (déi gréng).** - Merci, Här President. Ech wëlt mech natierlech direkt un déi Gléckwësch, déi Genesungswësch uschleissen un den Aly Kaes, och vun dëser Plaz aus, ier ech mat där Aarbecht hei ufänken.

E grouse Merci un de Georges Engel fir säi ganz detailléierte schréfflechen a mëndleche Rapport, deen et engem einfach och erméiglecht, elo zur spéider Stonn da vläicht net op all déi véier Voleten hei anzegoen. An ech wëlt mech da beschränken a menger Intervention op de Volet 2, déi Ännerungen, déi an de Beschäftigungsmesurë kommen.

„Solle mer net déi Schwächst um Aarbechtsmaart ënnerstëtzen?“, ass meng Fro, déi ech mer do stellen. An ech mengen, do si mer eis heibannen alleguerten eens, dass dat onbedéngt muss geschéien. Bis elo war do e Stage de réinsertion professionnelle fir all Demandeur d'emploi iwwer 30 Joer, deem net cibléiert genuch war an, wéi och scho gesot ginn ass, deem u sech net dat Resultat hat, dass no dem Oflaf vun deem Stage et u sech zu enger Feststellung komm ass. Dofir soll dat nei opgestallt ginn a méi cibléiert gemaach ginn, cibléiert op déi, déi u sech e bëssen duerch de Raster falen.

Dat sinn u sech déi fragillst Gruppe vun den Demandeurs d'emploi, déi ageschriwwen sinn, an zwar sinn dat dären dräi: eng Kéier déi Salariéen iwwer 45 Joer, dat sinn awer ëmmerhi 40% vun deene Leit, déi ageschriwwen sinn am Moment; dann d'Salariéen à capacité de travail réduite, also déi am Reclassement sinn, dat sinn och nach eng Kéier zirk 28%, 29% vun den ageschriwwenen Chômeuren; an dann déi Leit, déi Salarié mat dem Statut vum Salarié handicapé, an dat sinn och nach eng Kéier zirk 8%.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Mir hunn no den Date vom Oktober 2015, dëst Joer also, 17.530 Demandeurs d'emploi. A mat deem neie Ciblage op déi dräi Gruppen, domat decke mer awer ganz vill vun deenen Demandeurinnen of, déi u sech duerch de Raster falen an et ganz schwierig hunn. An deem Grupp, deem ech virdu gesot hunn, dat sinn zirk 5.000 Leit, si Leit, déi u sech Salarié am Reclassement sinn, an do sinn och nach eng Kéier net grad 500 Leit dra verstoppt, déi zousätzlech de Statut hu vum Salarié handicapé. Wann ee grad déi Salariés handicapés zesummenhëlt, da mécht dat awer iwwer 10% vun den ageschriwwenen Demandeurs d'emploi zu Lëtzebuerg aus.

An dofir wëll ech just nach eng Kéier kuerz en aneren Artikel, dee mer net ofänneren, vum Code du Travail eraushuelen, dat ass den L. 562-3, dat ass, wou d'Obligation d'emploi fir d'Salariés handicapés dra festgeschriwwen ass. Do sinn de Stat, d'Gemengen, d'Établissements publics, och d'CFL, explizit ernimmt, déi 5% vun hirem Effectif total à temps plein missten astellen. Dann ass de Privé gradesou gefuerdert: All Entreprise, déi iwwer 25 Salariéen

huet, misst eng Persoun ënnert dem Statut Salarié handicapé Vollzäit agestallt hunn. Bei 50, wësst Der et, missten et 2% vum Effectif sinn, bei iwwer 300 Salarié missten et 4% sinn.

déi gréng sinn der Meinung, dass bei de Schwächste vun de Schwaachen um Aarbechtsmaart vun Demandeurs d'emploi, an dat sinn ëmmerhin awer 10% vun all eisen ageschriwwenen Demandeurs d'emploi, déi am Chômage sinn, mir op d'Anhale vun dëser Obligation misste pochen. Da wier déi Situation fir déi Leit um Aarbechtsmaart ganz sécher e ganz Stéck verbessert!

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Très bien!

► **M. Gérard Anzia (déi gréng).** - Ginn elo hei déi Leit zu Lëtzebuerg zwëschen 30 a 45 Joer am Stach gelooss? Ginn déi net méi ënnerstëtzt? Ma, dat ass net richtig! Wa mer eng Kéier kucken: Vun de Mesures d'emploi, dat sinn der am Moment zéng, dat wäerten no dësem Gesetz, wa mer et dann unhuelen, der eefel sinn, do sinn der awer nach ëmmer siwen, déi bleiwe fir déi Leit zwëschen 30 a 45 Joer. Do sinn ënner anerem d'Mesures de formation, den Apprentissage pour adultes, de Pool des assistants, Mesures spéciales, Occupation temporaire indemnisée, d'Activité d'insertion professionnelle an de Service volontaire, also eng ganz Panoplie vu Mesuren, déi u sech fir déi Leit nach ëmmer do ass. An dofir, d'Intervenant, déi grad virduen hei um Pult war, d'Joëlle Elvinger, sief also getréischt: Et sinn also nach ëmmer siwe Mesurë virgesinn, déi genau op deen dote Grupp hinzielen, soudass déi dann nach do kënnen gehollef kréien.

Ech mengen, dass grad fir déi Grupp eben eng aner Approche muss fonnt ginn, sécherlech mat deem staarken Akzent, dee jo och virduen eng vun de Mesuren ausmécht: Dat ass dee staarken Akzent op d'Formation. An do huet menger Meinung no och grad d'ADEM dëst Joer vill Efforte gemaach an déi wäert se och sécherlech am Joer 2016 weiderféieren.

Ech kommen zum Schluss vu menger Intervention. Deene Schwaachsten um Aarbechtsmaart, déi keng Aarbecht fannen, nach eng Kéier, dat si menger Meinung no virun allem d'Salariéen, déi am Reclassement sinn, dat sinn déi Salariéen, déi ënnert dem Statut vum Salarié handicapé ageschriwwen sinn, deene muss mer verstärkt hëllef.

An dofir begrësse mir an ënnerstëtze mir als déi gréng ausdrécklech d'Beméiung vun eise Aarbechtsminister, dem Minister Schmit, déi an dës Richtung ginn, an ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Merci dem Här Anzia. Als nächste Riedner ass agedroen den Här Serge Urbany. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Jo, Merci, Madamm Presidentin. Dat PAN-Gesetz, wat jo vun 1999 ass, ass fir d'Lescht 2012 hei em dräi Joer verlängert ginn. Elo gëtt et em ee Joer verlängert. Et ass jo schonn e kleng Fortschritt, well hei handelt et sech am Fong geholl jo em Ausnamebestëmmungen zur normaler Aarbechtszäit, déi bei 40 Stonnen d'Woch läit a bei 8 Stonnen den Dag. Dat Gesetz, wat 1999 komm ass, ass also näischt Positives u sech.

Dat sougenannt PAN-Gesetz - dat kënnt vu Plan d'action national pour l'emploi deemools - war e Versuch am Fong geholl, fir d'éischte Kéier an eiser Aarbechtslegislatioun, fir Flexibilität an d'Aarbechtszäitregelung eranzebréngen. Déi Flexibilität géint d'Salariéen, déi domat verbonne war, huet gutt funktionéiert, an déi versprache Sécherheet an Humaniséierung vun der Aarbechtszäit fir d'Salariéen huet ni funktionéiert, an déi war awer als Géigepartie deemools versprach ginn.

Haut ginn 41 Stonnen d'Woch reell geschafft. All Salarié, dee voll schafft, schafft an der Moyenne 41 Stonnen d'Woch. Mir leien domat hanner Rumänien un der Spëtzt vun der Europäescher Union. England läit bei 40,8 Stonnen, Däitschland 40,4, den EU-Duerchschnëtt vun 28 ass bei 39,5 Stonnen d'Woch, d'Belsch leie bei 38 Stonnen, Frankräich bei 37,4. Mir leien also an der Moyenne iwwert der legaler Wochenarbeitszäit, déi et zu Lëtzebuerg gëtt vu 40 Stonnen, a mir leien iwwert dem EU-Duerchschnëtt, wat déi reell Aarbechtszäit ugeet.

Dat Gesetz, wat mer hunn iwwert d'Aarbechtszäit, bitt och kee Schutz zum Beispill virun Aarbechtszäiten, déi auserneegerappt géife ginn iwwert den Dag doduerch, dass een zum Beispill mueres ka schaffe goen an dann erëm am spéiden Nomëtten erëm eng Kéier ka schaffe goen. Dee Schutz ass net garantéiert am aktuellen Zoustand vun eise Code du Travail. An et ass am Fong geholl nëmmen a Sek-



toren, wou et e Kollektivvertrag gëtt, wou et eng gewësse limitéiert Aschränkung gëtt vun den Aarbechtszäiten duerch e Plan d'organisation du travail.

D'Gesetz erlaabt och zum Beispill, dass ouni esou e Plan d'organisation du travail kann eng Referenzperiod komme vun engem Mount, an et ass och méiglech am aktuellen Zoustand vun der Gesetzgebung, dass een den Aachtstonnendag iwwerschreit a Betriber, déi fënnef Deeg an der Woch schaffen, ouni Plan d'organisation du travail, duerch d'Gesetz. An an deene weinegste Betriber am Land wäert et wuel esou e Plan d'organisation du travail ginn.

An et muss een och nach derbäisoen: A ville Betriber ginn och emol nëmmen déi reell lwwerstonnen, déi missten duerch d'Gesetz bezuelt ginn, net bezuelt a Wierklechkeet, well och de Salarié eng Schwieregkeet huet ze beweisen, dass en déi lwwerstonne geleescht huet an dass déi lwwerstonnen autoriséiert waren, obschonn de Patron muss e Regëster am Prinzip doriwwer féieren. Et geet einfach duer, dass en an dee Regëster déi lwwerstonnen, déi autoriséiert sinn, déi awer effektiv prestéiert ginn, net andréit.

Stress a Muerks si grad a Lëtzebuurger Betriber, och a Service-Betriber, och a Banken, leider op der Dagesuerdnung. All Kéiers, wa mer hei eng Debatt hunn iwwert d'Santé au travail, iwwert d'Aarbechtsbedéngungen, da gëtt an deene Sonndesrieden - et ass awer ni sonndes, wou se hei gehale ginn - dat bedauert, da gëtt gesot, do missten Annerunge kommen an eis Aarbechtszäitregelung misst besser ginn, eis Reglementatioun misst besser ginn. An ech mengen, dass mer do geschwé waerten d'Geleëenheet kréien, fir dat an der Praxis ze beweisen, unhand vun där Aarbechtszäitregelung, déi mer hunn, vun deem Gesetz, wat mer hunn a wat mer müssen dréngend änneren!

D'Gewerkschafte fuerderen Aarbechtszäitreduzéierung, den OGB-L iwwer eng sechst Congéswoch, den LCGB iwwer Reduzéierung vun der Wochenaarbechtszäit. Derbäi kommen néideg Moossnamen, déi géifen d'Aarbechtszäit och emol eng Kéier am Interessi vun de Salariaë flexibeliséieren, zum Beispill bei Familljenobligatiounen, zum Beispill bei individuellen Aarbechtszäitkonten.

Mir hoffen als déi Lénk, dass mer an engem Joer hei e Gesetz kënne stëmmen, wat deem Uleies do - wat d'Uleies ass vun der grousser Majoritéit vun de Leit hei am Land, vun deene Leit, déi schaffe ginn - Rechnung dréit, an net dem Uleies vun der Fedil a vun der ABBL Rechnung dréit, deene vill ze vill an deene leschte Jore Rechnung gedroe ginn ass an déi hiersäits un der Spëtzt an Europa leien, wat d'Profitabilitéit vun hiren Aktivitéiten ugeet, wat d'Kompetitivitéit ugeet, obschonn se ëmmer de Contaire soen!

An ech mengen och, dass misst hei eng Eeneigung an déi Richtung fonnt ginn, och wann d'Sozialpartner sech net sollten eens ginn. An da wäerte mer gesinn, wéi déi eenzel Parteien hei dozou stinn.

Duerfir, Madamm Presidentin, mir hätten u sech eigentlech kee Problem domat, wann déi Mesuren hei géifen den 31.12. dëst Joer ophalen. Da géif näamlech just déi legal Aarbechtszäit gëlle vun 8 Stonnen den Dag a vu 40 Stonnen d'Woch. An da géif déi duerchschnëttlech Aarbechtszäit, déi zu Lëtzebuerg geschafft gëtt, e gudder Krack no ënne goen. An ech mengen, dass dat och souwisou noutwendeg wier, well déi lescht Senkung vun der Aarbechtszäit ass komm viru ronn 40 Joer.

Mir kënnen och einfach dowéinst, wéinst deem Prinzip, net der Verlängerung vun deene Moossnamen zoustëmmen, déi eng Derogatioun - ech soen et nach eng Kéier - zum normalen Aarbechtsrecht, zur normaler Aarbechtszäit vu 40 Stonnen d'Woch a vun 8 Stonnen den Dag sinn.

Mir kënnen och net fir dee Projet hei stëmmen, well mer et eng zweifelhaft Method fannen, wann de Stage de réinsertion fir déi Leit tëschent 30 a 45 Joer ofgeschaaft gëtt. Dir wësst, an de Minister weess et ganz gutt, wéi kritesch mer stinn zu esou Stagen am Allgemengen, well se keng Verflüchtung enthalen, keng wierklech Verflüchtung enthalen, fir Leit herno och anzustellen, well se och keng wierklech Verflüchtung enthalen, fir Leit auszubilden, fir se wierklech auszubilde bei esou Stagen. Mir wëssen och, dass - a mir hunn dat schonn heiansdo hei diskutéiert - domat och eng gewësse Stigmatisatioun ëmmer vun deene Leit verbonnen ass, déi esou Stagë maachen. Et ka se benodelegen, wa se um Aarbechtsmaart eng Plaz sichen, wa se länger Zäit an esou Stagë verbruecht hunn.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Trotzdem fanne mer et net richtig, wann elo hei gesot gëtt: „En Deel, d'Halschent ongeféier

vun deene Leit, an zwar déi tëschent 30 a 45 Joer, déi brauchen elo keen esou e Stage de réinsertion méi. Mir huelen déi emol vun deem Aarbechtsmaart do erof.“

Et bleift hinnen dann nach den RMG, wann hire Chômage eriwwe ass, a mir reservéieren déi Stageplaze fir déi Leit, déi besonnesch Bedéngunge matbréngen, Altersbedéngungen iwwer 45, Reklasséierter oder Travailleurs handicapés. Mä gläichzäiteg gi mer awer deene Leit, déi da bleiwen, gi mer deenen net e Stage, dee géif deem Rechnung droen, wat esou e Stage eigentlech misst gewäerleeschten, dat heescht, zum Beispill eng verbindlech Formatioun an eng wierklech seriö...

(Interruption)

...an eng wierklech seriö Perspektiv, och duerno eng Plaz an deem Betrib ze fannen.

(Interruption)

A wann hei gesot gëtt: „Mir maachen dat iwwert d'ADEM herno an d'ADEM mécht d'Verträge, an do stinn Obligationen dran“, dann hätt ech gär, dass dat och am Gesetz géif stoen an dass dat net eleng eng administrativ Praxis wär, wou eis hei versprach gëtt, dass dat spéider eng Kéier gemaach gëtt.

D'accord si mer mat der Weiderféierung vun enger Partie Mesuren hei fir d'Chômeuren. Mir mengen awer prinzipiell, dass d'Dauer vum Chômage, d'Dauer, wou ee Chômageprestatioun kritt, misst an d'Luucht gesat ginn, well déi Dauer ass zu Lëtzebuerg ganz niddreg a vill méi niddreg wéi a villen anere Länner. Si ass emol net generell ee Joer! Well wann een déi Proratisatioun derbäihëlt, dat heescht, dass Leit nëmmen esou laang de Chômage kréien, wéi se an enger gewëssener Zäit virdru geschafft hunn, dann ass fir vill Chômeuren déi Dauer emol net ee Joer. Dat war d'Gesetz Biltgen, dat berüümt Gesetz deemools iwwert d'Jugendaarbechtslosegkeet, wou déi Mesuren do dra-stoungen.

Mir sinn awer d'accord, dass déi Moossnamen hei verlängert ginn, mä mir mengen och, dass ee misst wierklech seriö erëm eng Kéier diskutéieren, wéi d'Chômageofsécherung zu Lëtzebuerg garantéiert ass. Eiser Meenung no net genuch, well vill ze vill Leit, déi Demandeurs d'emploi sinn, kréien a Wierklechkeet keng Indemnité de chômage.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Urbany. Domat si mer um Enn vun der Diskussioun ukomm an d'Wuert huet elo den Aarbechtsminister, den Här Nicolas Schmit.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll natierlech fir d'Éischt emol dem Rapporteur Merci soe fir déi gutt Aarbecht. An ech wëll natierlech och dem Här Kaes vun hei aus eng ganz schnell Besserung wënschen an hoffen, dass en erëm schnell bei eis an der Kommissioun zu eisen Échangë bäidréit.

Hei ass e Gesetz, wat effektiv eng Rei Saachen zesummebréngt, wat u sech net exceptionnel ass. Well wat maache mer? Mir maachen eigentlech eppes, wat de Code du Travail op verschiddene Punkten ergänzt oder ännert oder eng Dispositioun am Code du Travail, wat an deem Artikel och virgesinn ass, verlängert.

Ee Wuert zu dem Punkt grad, deen elo um Här Urbany laang développéiert ginn ass, an zwar deen iwwert dat berüümt PAN-Gesetz:

Effektiv ass kee mat deem Gesetz, esou wéi et deemools verfaasst ginn ass, méi zefridden. Dat trifft zou fir d'Employeuren an dat trifft zou fir d'Gewerkschaften. Nu si vläicht d'Ursaachen, firwat déi eng an déi aner net domat zefridde sinn, net genau déi nämlech, mä op jidde Fall ass et esou, dass dat Gesetz, wat eng Schwéiergebuert - kréien ech gesot - war, och esou onduerchsichteg ass, eng Usine à gaz opbaut a par ailleurs, wat e bësse komesch ass, dem Minister op eemol d'Pouvoir gëtt, fir d'Aarbechtszäiten an de Betriber ze fixéieren - obwuel ech der Meenung sinn, dass elo emol de Kader am Gesetz muss fixéiert sinn an dann d'Sozialpartner dat eventuell kënne maachen -, dass et eigentlech effektiv héich Zäit gëtt, dass mer dat Gesetz änneren.

Mir hunn 2012 et nach eemol verlängert, well mer eng Etüd maache gelooss hunn iwwert d'Applikatioun vun deem Gesetz. Déi Etüd ass gemaach ginn a mir hunn eigentlech erausfonnt an där Etüd, wat fir e Gesetz ëmmer besonnesch komesch ass, dass ganz vill Leit, a besonnesch ganz vill Betriber, dat Gesetz eigentlech net applizéieren, well se et net kennen, well déi meescht Betriber emol net wëssen, wat e POT ass, obwuel se eigentlech missten e POT applizéieren.

Doropshi ware mer ons eens, fir ze probéieren, dat Gesetz also ze änneren, an dat wa méiglech am Sozialdialog. An da komme mer natierlech dohin, wat ech virdru gesot hunn, dass d'Meenungen do relativ auserneeginn! Mir müssen awer wëssen, dass säit 1999 d'Welt an de Betriber enorm changéiert huet, dass d'Entreprise changéiert hunn, dass d'Manéier, wéi geschafft gëtt, vill changéiert ass, dass et ganz kloer Situatiounen gëtt, wou de Stress immens an d'Luucht gaangen ass, an dass et op där anerer Säit och aner, nei Aspiratiounen gëtt bei de Leit, fir Famill, Beruff, perséinlecht Liewen, professionellt Liewe besser an Aklang ze bréngen.

An an där komplizierter Équation bewege mer eis, fir do dat op een Nenner ze bréngen, ze kucken: Wat kënne mer maachen, fir op där enger Säit eng Organisatioun vun der Aarbecht am Betrib ze fixéieren, ze etabléieren, déi awer der reeller, moderner Économie, esou wéi eben d'Betriber an där Realitéit musse schaffen, entsprécht an op där anerer Säit awer och ganz kloer de Salariaë hir Uspéich muss respektéieren a kucken, do en Équilibre hierzestellen?

An Dir wësst alleguerten, dass dat vläicht net d'Quadratur vum Krees ass, mä awer no dru kënnt. An duerfir sinn dat Diskussiounen, déi laang Zäit brauchen, well ee muss hei vill Parametere kucken a vill Elementer net eemol ëmdréien, mä zegmol ëmdréien.

Mir sinn awer an deene leschte Méint oder zumindes, géif ech gär soen, Wochen e Stéck weiderkomm, mä mir sinn nach net ukomm. An et ass net esou... An dat verstinn ech jo, dass déi, déi net an deenen Négociatiounen sinn, net alles kënne vun deenen Négociatiounen wëssen. An ech apprécieieren och, dass mer eigentlech déi Négociatiounen roueg kënne féieren, ouni den Drock vun deenen engen a vun deenen aneren, vun dobaussen. Mir hunn op Basis vu Propositionen geschafft, déi d'Regierung, dat heescht den Aarbechtsminister gemaach huet. Et ass also net esou, wéi hei ugeklongen ass, dass d'Regierung d'Sozialpartner ënner sech gewäerde léisst an dosézt als Observateur an d'Punkten zielt, déi no enger Säit oder no där anerer Säit ginn. Dat ass falsch!

Hei sinn d'Propositionen op den Dësch komm vun der Regierung, fir déi Saachen ze kucken: Wou kënne mer Plagë fannen, wou déi verschidde Point-de-vue sech kënnen erëmfannen? Dat ass deen éischte Punkt.

Deen zweete Punkt ass deen, an dat ass richtig, dass dat do Gesetz muss an engem generelle Kader gesi ginn, an zwar muss dat am Kader gesi gi vun den Aarbechtskonditiounen en général, vun der Qualitéit vun der Aarbecht en général. An et kann net sinn, dass mer en Aarbechtssystem installéieren, wou d'Leit nach méi Stress hunn, nach méi Burn-outen hunn, nach méi schnell krank ginn. Dat kann net den Objektiv vun esou engem Gesetz sinn! An duerfir ass et kloer, dass wat och ëmmer elo herno als Léisung erauskënnt, als équilibréiert Léisung, wéi ech virdru gesot hunn, déi do Volete fir mech extrem, extrem wichteg sinn.

An derbäi kënnt, dass mer lues a lues an eng nei Welt vun der Aarbecht ginn. Et wier elo... Esou vill Zäit hunn ech net, fir laang dat ze développéieren! Mir ginn elo an eng nei Welt vun der Aarbecht. Déi ass en route, déi ass en cours, déi ass amgang ze geschéien. Dat ass déi vun der digitaler Aarbechtswelt. An do ass viles anescht an do wäert ganz viles anescht ginn!

An ech rode jiddwerengem un, e Rapport ze liesen, dee vun engem franséische Patron geschriwwen ginn ass fir déi franséisch Aarbechtsministerin, dee ganz vill - ganz vill! - op déi Transformatiounen vun der Aarbechtswelt insistéiert an dee besonnesch ganz vill insistéiert op d'Qualitéit, op d'Konditiounen vun der Aarbecht an dem Sënn vun muer Stress. Well am Endeffekt, de Stress an d'Krankheeten an den Absenteïsme an esou weider, dat betrëfft ons alleguerten, well dat betrëfft d'Sécurité sociale, d'Caisse de maladie an am Endeffekt och d'Kompetitivitéit vun der Entreprise.

Den Här Spautz wollt mer eng Fro stellen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, wann Dir erlaabt, kee Problem.

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Merci, Här Minister, fir déi Erklärung. Ech wollt just d'Fro stellen, Dir hutt gesot vu Propositionen - ob dat elo zwee oder dräi Méint sinn, dass sollt Dir mat Are Verhandlungspartner ofmaachen -, mä meng Fro ass: Ee vun den Haaptpunkten ass jo do d'Definitioun vun den lwwerstonnen, a gesitt Der do eng Méiglechkeet, zu engem Accord ze kommen innerhalb dem éischten Trimester? Well et ass jo mat där Definitioun, wou de ganzen Accord klëmmt a fält. Merci.

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.** - Ma ech kommen elo net mat lech hei iwwert deen Accord négociéieren. An ech brauch lech elo

net hei ze soen, wat ech eventuell als Méiglechkeet gesinn, fir e Kompromëss ze fannen!

(Interruption par M. Marc Spautz)

Mä ech... Jo, Dir sidd... Mä dat war virdrun, da géife mer dat anescht maachen.

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Aah!

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.** - Mä dat war virdrun. Mä ech kann lech soen, dass mer natierlech dat do Thema absolutt net ausgeklammert hunn! An och iwwert dee Punkt leie Propositionen um Dësch. Déi sinn nach net esou ausgefeilt, wéi se dat müssen herno sinn, mä och op deem Punkt leie Propositionen um Dësch. Et ass also, vu dass ech en Optimist sinn, mengen ech ëmmer,...

(Interruption)

Jo, bon, dat ass e Feeler vläicht. Mä heiansdo och net...

► **Plusieurs voix.** - Neen!

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.** - Voilà, voilà!

...mengen ech, dass mer do vläicht net den absolute Konsens hunn, mä Dir wësst, e Kompromëss, dat ass een, dee jiddweree gläichmëssig onzefridde mécht an trotz allem ons ëmmer e Stéck weiderbréngt.

Bon, ech mengen, domat wëllt ech déi Diskussioun ofschléissen. Mir hunn en neie Rendez-vous ufanks des Joers, wou mer weiderdiskutéieren, weiderschwätzen, souwuel bilaterale wéi och an der Tripartite, am CPTÉ, a mir gesinn dann an deem Sënn weider.

Ee Wuert ass ze soen iwwert dee Volet, firwat mer deen net erageholl hunn, iwwert d'Sécurité sociale. Dat hätt ons wahrscheinlech awer d'Saachen e bëssen ze vill dense gemaach an där relativ kuerzer Zäit, wou mer dee Projet hei hu missen duerchbréngen.

An dat Zweet ass den „emploi approprié“: Den Emploi approprié, dat ass e Reglement vun 1983, dat mer elo geännert hunn, e Reglement vun 1983! Dat baséiert um Gesetz modifié vun 1976. Dat ass elo schonn eng laang Zäit.

An et ass net eng Question vun Hiérarchie des normes, Här Spautz. Wann e Gesetz sech op de Respekt vun engem Reglement referéiert, dat ass net eng Saach vun Hiérarchie des normes. Wat eng Saach vun Hiérarchie des normes wier, dat heescht, wann d'Reglement iwwert dem Gesetz géif stoen, dass ass d'Saach vun der Hiérarchie des normes. Net wann e Gesetz seet: „Ma déi Dispositioun am Reglement x, déi ass hei applikabel och iwwert dat Gesetz“, dat ass net d'Fro vun enger Hiérarchie des normes. Mä loosse mer dat op der Säit!

Ech wëll näischt soe par ailleurs iwwert d'Verlängerung vun deene Mesuren iwwert de Chômage. Ech mengen, déi past eigentlech ganz gutt och an dat eran, wat mer iwwert déi aner, iwwert d'Chômeure selwer vun iwwer 45 gemaach hunn.

Pour observation: Éischtens, déi vun 30 bis 45 kréien also näischt. Dat ass falsch! Éischtens hunn déi eppes, wa se Chômeurs de longue durée sinn. Mir müssen ons awer och an deem Land emol virstellen, dass awer net jiddwereen, deen iergendwann eemol seng Aarbecht verléiert, nëmmen dann erëm kann eng Aarbecht kréien, wann et hannerdrun eng déck Subventioun um Stat gëtt! Wa mer an där Logik sinn, da soen ech lech direkt, da kréie mer ganz grouss Problemer, an ëmsou méi grouss Problemer, wa mer déi Propositionen vu Bréissel kréien, déi amgaange sinn zu Bréissel vum Här Juncker ausgeschafft ze ginn iwwert d'Mobilitéit.

Dat Zweet: Mir wëllen déi Leit, déi tëschent 30 a 45 am Chômage sinn, natierlech ënnerstëtzen. Mä d'Madamm Elvinger huet richtig gesot: Deen, deen déi falsch Studie gemaach huet, deen, deen net genuch Studie gemaach huet, deen ass net mat engem Stage de réinsertion ouni Formatioun, ouni näischt, well den aktuelle Stage, Här Urbany, de réinsertion, fir deen Der lech jo awer nach staarkgemaach hutt hei, dee gesäit iwwerhaapt näischt vir. Iwwerhaapt näischt! Dee gesäit just vir, dass ee 50% vum Mindestloun rembourséiert kritt.

Hei wëlle mer grad deenen dote Chômeuren..., do ass jo net de Problem, dass se krank sinn, dass se e bësse manner jonk sinn, do ass de Problem, dass se vläicht net gutt qualifizéiert sinn. An dat kréie mer net iwwert de Stage de réinsertion geléist, dat kréie mer iwwer eng aktiv Politik vun der Formatioun vun de Chô-



meure geléist. An dat ass de Problem, wou mer müssen usetzen.

An do fannen ech mech erëm mat verschid-dene Patronsvertrieeder, déi zum Beispill an hirem Rapport vun deem Thinktank IDEA soen: „Huelst déi Suen, déi Der bei de Subventiounen manner ausgitt, a stiecht déi an d'Formatioun.“ Eh bien, et ass grad dat, wat mer wëlle maachen: manner direkt Subventiounen fir Leit, déi normalerweis missten um Aarbechtsmaart erëm relativ séier eng Aarbecht fannen, an déi Suen huelen, fir an d'Formatioun vun deene Chômeuren ze stiechen.

Elo e Wuert iwwer: Firwat d'Fokaliséierung op déi Eeler? Eh bien, éischters emol stelle mer fest: 63% vun de Laangzäitchômeuren si Leit ouni Qualifikatioun, allgemeng, 63%. Do hu mer also onse gréisste Problem vum Chômage hei zu Lëtzebuerg: 63% ouni Formatioun, Laangzäitchômeuren, dat heescht, méi wéi ee Joer am Chômage.

An da ginn ech kucken an ech soen: Déi iwwer 45 Joer, wéi steet et domat? Eh bien, 56% vun de Laangzäitchômeuren hei zu Lëtzebuerg si Leit mat méi wéi 45 Joer. An déi mat méi wéi 45 Joer, dovun sinn 62% vun deene scho méi wéi ee Joer am Chômage. Wann dat net als Argument genuch ass, fir ze soen, datt mer müssen onbedéngt eppes maache fir déi Kategorie vun Chômeuren, ech mengen, dann hu mer eist Zil fir eng aktiv Aarbechts- a Beschäftigungspolitik verpasst!

E Wuert nach...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Schmit, erlaabt Der, dass den Här Urbany lech eng Fro stellt?

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- Jo, wann Der mer dat alles als...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Selbstverständlech!

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- Jo. Okay, okay. Gutt. Am Europaparlament hat ech ëmmer onbegrenzt Riedezäit.

► **Une voix.**- Aah!

(Interruptions diverses)

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Här President,...

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- Voilà.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Här Minister, ech wëll just richtegstellen, ech huele jo un, Dir sidd domat d'accord: Déi déck Subventiounen kréie jo net déi Leit, déi an deene Mesuren do schaffen! Et sinn d'Betriber, déi déi Subventiounen kréien, fir Aarbecht gratis kënnen an den Dénsgscht ze huelen.

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- Ben jo.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Net dass do eng falsch Meinung opkënnst, dass déi Leit déck Subventiounen kréien.

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- Bon, Dir explizéiert dat esou, wéi Dir dat fir gutt fannt. Ech mengen...

► **Une voix.**- Oh!

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Ass et dann net esou?

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- Ech mengen..., ee Wuert iwwer de Stage de réinsertion, esou wéi en haut besteet. Et gëtt ëmmer gesot: „Dir hutt jo keng Etüde gemaach! Dir misst och emol eng laang Etüd maachen, fir ze wëssen, ob dat eppes bruecht huet oder näischt.“ Mä déi Etüden hu mer gemaach! Déi si séier gemaach.

Mir hunn elo 560 Leit am Joer 2015 an engem Stage de réinsertion gehat. Dovun ware 50,9% Leit tëschent 30 an 39 Joer. 50% vun deenen tëschent 30 an 39 Joer, déi müssen den hallwe Salaire minimum rembourséiert kréien, datt ee se astellt. Wann do de Problem also ass, datt se net qualifizéiert sinn, jo, da mussen mer do eppes maachen! Well de Stage de réinsertion, an dat ass mäin zweete Chiffer, dee bréngt een net an d'Aarbecht, well nëmmen 28% vun deene Leit, déi an engem Stage de réinsertion waren, hu schlussendlech e CDI kritt!

Dat ass also eng Measure, déi net gegräff huet. Déi Etüd hu mer scho gemaach, an duerfir änneren mer dat elo! Mir brauchen also elo net

nach dräi Joer ze waarden, bis mer alles studéiert hunn, wat mer jo elo maachen. 2016 maache mer dat, Här Spautz, do hu mer e Kontrakt mam LISER, dem fréiere CEPS, gemaach, fir déi aner Mesuren ze kucken.

An déi Leit mat iwwer 45 Joer, do waren et nëmmen 29%, déi e Stage de réinsertion kritt hunn. Iwwerens deen nämlechten Taux, déi herno e CDI kritt hunn. Et ass also net esou, datt déi manner gutt oder méi schlecht ewechkomm sinn. Si hunn deen nämlechten Taux, dat heescht, 28% hunn e CDI kritt. Mä nëmmen 29% vun iwwer 45 Joer hunn iwwerhaupt e Stage de réinsertion kritt, obwuel d'Chômeuren iwwer 45 41% duerstellen!

Duerfir, ech mengen, den Här Rapporteur huet et gesot, den Här Engel huet et gesot: Jiddweree subventionéiere gläichméisseg heescht eigentlech kee subventionéieren. Jiddweree gëtt gläich subventionéiert, jo, wat geschitt dann? Jo, da geschitt dat, wat mer jo eigentlech net wëllen, dat heescht, de Bëtrib seet: „Hei hunn ech de Choix, eng Subventioun fir ee mat 35, an ech hunn eng Subventioun fir ee mat 52.“ An da wësse mer alleguerten, mat deene Viruerteeler, mat deene schreckleche Viruerteeler, déi mer hunn, wat da geschitt: Da gëtt natierlech dee geholl mat 32 an net dee mat 52.

An déi Viruerteeler mussen mer, an dat ass deen zweete Volet, wou ech nach wëll drop äntweren, ofbauen. An duerfir ass d'Politique des âges do. Mä d'Politique des âges ass net e Gesetz, wat muer jiddwereen an eng Aarbecht bréngt, deen iwwer 45 ass. D'Politique des âges probéiert, déi Viruerteeler, déi strukturell Barriären, déi mer hunn op onsem Aarbechtsmaart, déi en défaveur si vun deenen e bësse manner jonken, fir déi iwwert d'Zäit an de Betriber duerch eng geziilt Politik ofzebauen.

An duerfir ass dat eng aner Approche. Hei ass eng geziilt, kuerzfristeg Approche, fir ze probéieren: Wéi kréie mer Leit hei schnell, besser an eng Aarbecht? Well all Statistik weist, datt déi Leit och mat iwwer 45 absolutt hire Mann oder hir Fra stellen, mä si leide ganz oft un deene Viruerteeler.

An duerfir ass dee Stage de professionalisation do. Dat ass net e bëllege Kaddo un d'Employeuren, fir ze soen: „Dir dierft ee sechs Méint huelen an dee kascht lech näischt.“ All Employeur géif soen: „Dat interesséiert ons net.“ Hei gëtt probéiert, iwwert dee Moyer..., an ech hunn och gelies, dat gëtt zum Beispill vun der Handwierkerfederatioun, also der Chambre des Métiers éischter positiv beuerteelt, wou gesot gëtt, d'Stagë sinn, fir eben déi Leit erëm bei den Aarbechtsmaart ze bréngen a fir och eigentlech déi Viruerteeler ofzebauen, fir ze weisen: Majo, dee kann dat! Dee ka sech schnell op där Aarbechtsplaz zurechtfinden an och do säi Mann oder seng Fra stellen.

An dat lescht Wuert ass: Wat ännert? Well ech hu gelies bei engem Avis, do géif guer näischt änneren tëschent dem Stage de réinsertion haut an dem Contrat de réinsertion-emploi vu muer. Falsch! Falsch! Mir hunn hei a) absolutt e Recht etabliéiert am Gesetz! An duerfir war ech ganz verwonnert, wéi Der dat konnt soen. Am Gesetz steet kloer dran, datt déi Persoun e Recht huet op Formation pratique, op Formation théorique, op en Tuteur am Betrieb an op e Bilan de compétences. Alles dat steet am Gesetz! Dat steet net iergendwou an enger Instruktioun bei der ADEM, dat steet kloer am Gesetz.

Mä mir kënnen net awer net an d'Gesetz schreiwen, ob deen ee muss eng Formation théorique als Elektriker kréien an deen aneren als Metzler. Ech mengen, dat ass cas par cas ze décidéieren, wéi de Profill vun der Persoun ass a wéi effektiv den Emploi ass, an deen e soll inseréiert ginn.

Duerfir mengen ech, dee Message hei ass, datt mer wierklech dee Problem, eise gréisste Problem um Aarbechtsmaart vun deenen e bësse manner Jonken uginne, fir datt mer deenen erëm eng Hoffnung ginn, wou Leit Joren d'Hoffnung opginn hunn, datt se jeemools nach eemol kéinte schaffen! Ech mengen, dat ass dee wichtigste Message. An ech fannen, datt dat fir de Schluss vum Joer - deene Leit déi Hoffnung ze ginn - e positivt Zeechen ass. An ech géif hoffen eigentlech, datt jiddweree kéint mat deem Zeechen averstane sinn, fir deene Leit déi Hoffnung och fir d'Zukunft ze ginn.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Minister. Mir hunn em zwar keng illimitéiert...

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Ech wollt nach eng Käier d'Wuert froen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- ...Riedezäit ginn, wéi am Europaparlament, mä awer

eng gewësse Flexibilität, esou wéi ech se konnt aus de Gesichter erausliesen.

Här Urbany, nach eng Fro?

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Jo. Neen. Ech froen da Parole après ministre. Ech soe just, de Bilan vun deenen, déi bleiwen an deene Mesuren, dee maache mer an engem Joer. Da gesi mer, wat wierklech geännert gëtt. Well déi Kriticken, déi gemaach gi sinn, déi sinn och vun der Chambre des Salariés zum Beispill gemaach ginn.

Fest steet awer, dass déi aner alleguerten ewechfalen aus deene Mesuren. Eng Partie vun deenen hu jo iwwer esou Mesuren eng Aarbechtsplaz kritt, déi falen elo ewech. Dat ass awer en incontestable Bilan, deen een elo scho kann zéien!

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- Dierf ech dorop äntweren?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo, selbstverständlech!

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- Wann Dir, Här Urbany, mengt, et kéint ee mat 32 Joer oder mat 31, nodeem ee vläicht schonn als Jugendlechen iwwer eng Mesure CIE gaangen ass, nëmmen en Job fannen, wann ee während engem Joer 50% vum Salaire social minimum bezuelt kritt, da muss ech soen, dann ass et ëm den Aarbechtsmaart hei zu Lëtzebuerg wierklech net besonnesch gutt bestallt!

Ech soen, wann ee mat 30 Joer net einfach eng Aarbechtsplaz fënnst: Éischters hu mer bei deenen, déi laang Zäit aarbechtslos sinn an tëschent 30 a 45 sinn, trotz allem nach Mesuren! Eng ganz Ribambelle! Si si virdru mentionnéiert ginn. Wéi zum Beispill d'Prise en charge iwwer eng gewëssen Zäit vun de Cotisations sociales. Mä do läit de Problem net. De Problem bei deenen ass d'Formatioun. An, esou wéi Der richteg gesot hutt, de Stage de réinsertion huet keng Formatioun. Also huet en och net d'Chance, eng durabel Aarbechtsplaz ze garantéieren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Minister.

(Interruption par M. Serge Urbany)

Mir sinn elo um Enn vun der Diskussioun ukomm a mir stëmmen iwwert de Projet de loi 6904 of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6904 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. An dann d'Procuratiounen.

Huet jiddwereen ofgestëmmt? Dat schéngt de Fall ze sinn. Oder bal. Okay. Mir hunn 59 Participatiounen un der Ofstëmmung, dobäi 35-mol Jo, 2-mol Neen an 22 Abstentiounen. Domat ass de Projet ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6904 est adopté par 35 voix pour, 2 voix contre et 23 abstentions.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdig, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Serge Urbany et David Wagner.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Félix Eischen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marc Spautz), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par Mme Octavie Modert), Marcel Oberweis (par M. Gilles Roth), Gilles Roth, Marco Schank (par M. Claude Wiseler), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

An ech wollt d'Chamber froen, ob se bereet ass, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn.

(Assentiment)

Da soen ech lech Merci.

7. Discours de fin d'année de M. le Président

Ech géif lech bieden, dann nach e puer Sekonnen heizebleiwen, fir mer d'Geleeënheet kuerz ze ginn, léif Kolleeginnen a Kolleegen, an der leschter Sëtzung e kleng Bléck, awer wierklech e kuerzen, no hannen ze werfen op dat Joer, wat elo zu Enn geet a wou ech mengen, dass et e Joer war, wou d'Chamber vill geschafft huet an och heiansdo haart diskutéiert huet, wéi dat sech eben hei an der Chamber gehéiert.

Mir hunn eng Rei vun Akzenter gesat, dat souwuel um nationale wéi um europäesche Plang, well mer eis Roll an der Présidence gespillt hunn.

Et war e Joer, dat vum Referendum gepräagt ginn ass, wou e groussen Aarbechtspensum op d'Chamber zoukomm ass. D'Resultat vun der Volleksbefragung, mengen ech, ass ouni Appell. An et gëtt och keen hei am Haus, deen dat net unerkent. Et bleift awer, dass mer eng Äntwert op eng méiglech Hallef-hallef-Gesellschaft müssen a wäerte ginn. Dee konstruktiven Dialog iwwer eist Nationalitéiteseetz mécht do och nei Perspektiven op fir déi, déi et wëllen.

Och d'Aarbechte fir eng nei Verfassung sinn intensiv weidergaangen. Vill Virschléi si vu bausen erakomm an déi ginn elo gepréift an den eigentlechen Débat public wäert deemnächst ugoen.

Bei deene legislative Projekte wëll ech just d'Reform vum Dialogue social erwänen, de Reformpak fir d'Fonction publique an zum Schluss och nach de Centre national fir d'Services de secours. Mir hunn intern och un eise Prozedure geschafft, ënner anerem bei der Petitiounsreglung, déi mer méi wäit opgemaach hunn a wou mer an Zukunft bei öffentlichen Débaten och Leit douewen op der Tribün wäerte gesinn.

An deene leschte sechs Méint hat Lëtzebuerg d'Présidence. D'Chamber huet do aktiv matgeschafft an eng Rei vu wichtige Punkte gesat, dat souwuel an der Sozialpolitik, wou mer fir eng méi staark Berücksichtigung vun der Dimension sociale plädéiert hunn, a virun allem och beim Développement, wou mer eis derfir agesat hunn, dass déi aner Länner sech un eis inspiréieren, well d'Kooperatioun ee vun de Schlüsselen ass, fir déi Problemer an de Grëff ze kréien, mat deene mer haut konfrontéiert sinn, sief dat d'Refugiésproblematik, siefen dat awer och d'Problematiken, déi mat der Nout an deenen Zillänner zesummenhängen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, um Enn vun deem Joer wollt ech dovun profitéieren, fir eise Kolleegen aus dem Generalsekretariat,...

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- ...eise „Generol“ a sengen Adjointë grad wéi alle Mataarbechter aus deem Haus, der parlamentarescher Press e grouse Merci ze soen a virun allem Merci ze soe fir dee formidablen Effort, dee mer während der Présidence bei deene verschiddene Konferenzen mat engem extrem klengen Team gemaach hunn, deen ongeféier zéngmol esou kleng ass, wéi bei deenen anere Présidencen, déi organiséiert gi sinn. Eis Équippen hunn e ganz gutt Bild gemaach. An ech mengen, och déi Schwéierpunkten, déi mer gesat hunn, si gutt ukomm.

Ech wollt lech och soen, dass et dem Kolleeg Aly Kaes ganz, ganz gutt geet. Dat mierken ech dorun, dass ech erëm Eeër geliwwert kritt hunn.

► **Plusieurs voix.**- Aah!

(Interruptions)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- An ech konnt mech och selwer dovun iwwerzeegen, dass e ganz gutt a Form ass.

Ech soen lech alleguer Merci, dass mer gutt duerch eng schwéier Woch komm sinn, wënschen lech an Äre Famillje grad wéi deene Leit dobaussen alleguer schéi Feierdeeg, gerosam Feierdeeg an dat Wichtigst: eng gutt Gesondheet.

Villmools Merci a bis deemnächst!

D'Sëtzung ass...

(Interruption par M. Eugène Berger)

► **Une voix.**- Aah!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ah, den Här Berger!

► **M. Eugène Berger (DP).**- Merci, Här President. Ech wollt awer och d'Geleeënheet notzen, no Äre léiwen a schéine Wieder, fir awer och am Numm, mengen ech, vun allen Deputéierten, och, wann Der erlaabt, eng Käier ausnamsweis am Numm vun der Regierungsbänk, fir et esou ze formuléieren, hei e puer Wieder